

Mäerzeg, den 27. März 2020



MATDEELUNG UN D'AWUNNER - Update

CORONA-VIRUS // COVID-19

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Mir informéieren Iech nach eng Kéier ausféierlech a schécken Iech dësen neien Update, dës Kéier och méi grouss kopéiert fir dass et méi lieserlech ass. Déi nei Informatiounen sinn agerummt.

De Corona-Virus erfuerdert vun eis allegueren e responsabelt Handelen. Mir sinn als ganz Gesellschaft gefuerdert fir déi Vulnerabelst ënnert eis ze schützen.

Mir riichten nach eng Kéier den dringenden Appell un Iech fir d'Consigne vun der Regierung strikt anzehalen. Nëmmen esou kann d'Verbreedung vum Virus agedämmt ginn.

Der Initiativ "Mäerzeg Solidaresch" an de Guiden a Scouten gëllt eis grouss Unerkennung fir d'Hëllef an d'Ënnerstëtzung déi si eis Mäerzeger zënter dem Ufank vun der Kris proposéieren.

D'Gemeng ass frou Iech aktuell weider Servicer unzebidden, an Zesummenaarbecht mat eise Partner.

Repas sur Roues (SERVIOR)

Ab dëser Woch kënnen nei Clienten vum "Repas sur Roues" vu SERVIOR profitéieren.

Wéi gewinnt ginn eng Zopp, e Plat an en Dessert proposéiert, allerdéngs – an der momentaner Situatioun – als "Menu unique". Geliwwert gëtt d'Zopp an engem Vakuum-Beidel a brauch just an enger Kasseroll erhëtzt ze ginn, de Plat (traditionell Kichen) an den Dessert kommen an enger recyclabeler Barquette déi an d'Mikrowell gestallt ka ginn (2-3 Minutte bei 800 Watt).

SERVIOR këmmert sech ëm d'Koordinatioun an d'Liwierung. Aschreiwe kënt Iech op der Gemeng via Telefon (83 82 44 – 312) oder E-Mail: commune@mertzig.lu. De "Menu unique" ass op www.servior.lu ze fannen.

Service de Livraison fir "personnes vulnérables"

De "Forum pour l'emploi" proposéiert e "Service de Livraison" vu Liewensmëttel fir ufälleg Matbierger. D'Bestellung kann iwwer Telefon (26 80 35 80) oder E-Mail (abokescht@fpe.lu) gemaach ginn. De Choix läit bei iwwer 40 Produiten. Den Detail an all d'Informatiounen fannt Dir an der Annexe vun dëser Matdeelung.

Ufälleg Persounen si Leit iwwer 65 Joer oder déijéineg, déi eng vun deene folgende Krankheeten hunn: Diabetes, kardiovaskulär Krankheeten, chronesch Erkrankunge vun den Otemweeër, Kriibs, Immunschwächt opgrond vun enger Krankheet oder enger Therapie.

corona.letzshop.lu

D'Regierung huet e Shop ageriicht fir ufälleg Matbierger: <https://corona.letzshop.lu>. Tel.: 8002 9292.

Seniorentelefon vum Club Senior Nordstad

Dir fillt lech eleng, Dir huet eng Fro oder wëllt einfach e Wuert schwätzen? Da rufft un um 26 81 37 43 beim Club Senior Nordstad vu méindes bis freides, ëmmer moies vun 8:30 bis 12:00 Auer, a mëttes vun 13:00 bis 17:00 Auer. Méi Infos an Aktivitéiten: www.vital-an-aktiv.lu.

Gemengeservicer – Service réduit

D'Büroe vun der Gemeng bleiwen zou fir de Public, mee d'Servicer sinn ereechbar via E-Mail (commune@mertzig.lu) an Telefon:

- Bureau de la Population / État civil	Tél. 83 82 44 - 312
- Recette	Tél. 83 82 44 - 321
- Secrétariat	Tél. 83 82 44 - 311
- Service technique	Tél. 83 82 44 - 341

Mir bieden lech nach eng Kéier nëmme fir dréngend Demarchen e Rendez-vous ze froen. Zertifikater an Dokumenter ginn lech per Post, respektiv per E-Mail zougeschéckt esouwäit dat méiglech ass. Vill Demarché kënnen och online op www.mertzig.lu oder www.guichet.lu gemaach ginn.

PAG, Enquête publique

D'“Enquête publique” am Kader vum PAG ass ab dem 25. Mäerz 2020 suspendéiert¹, wat bedeit dass ab dem offiziellen Ophiewe vum “État de crise” d'Enquête nach eng Kéier fir 6 Deeg op ass.

Sammelplaz “Butzebierg” // SIDEC // Kleedersammlung annulléiert

Eis kommunal Sammelplaz “Butzebierg” ass ab dësem Samschdeg, 28. Mäerz 2020 erëm op². Déi regional “centres de recyclage” vum SIDEC bleiwe bis op Weideres zou. D'Collecte (Poubelle, Valorlux) gi weider assuréiert wéi gewinnt. D'Kleedersammlung vum 27. Mäerz 2020 ass annulléiert.

VALORLUX

D'Gemeng huet eng gréisser Commande vu bloe VALORLUX-Tute gemaach. Soubal d'Liwwerung ukënnt, gëtt ee Pak un all Haushalt verdeelt.

Enseignement // Structures d'accueil

D'Schoul, d'Maison Relais an d'Crèche bleiwen zou bis viraussichtlech de 19. Abrëll 2020. Fir weider Informatiounen, besicht w.e.g. de Site www.schouldoheem.lu.

Spillplazen, Schoulhäff, Sportinfrastrukturen zou!

Mir maachen den dringenden Rappel dass d'Spillplazen, d'Schoulhäff an d'Sportinfrastrukturen zou sinn fir jiddereen.

¹ Règlement grand-ducal du 25 mars 2020 portant introduction de mesures relatives à la validité des cartes d'identité et aux délais en matière d'aménagement communal et de développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 // Art. 2, paragraphe 2, alinéa 3 : « Cette suspension de délais en arrête temporairement le cours sans effacer le délai déjà couru. »

² Circulaire ministérielle n° 3790.

PAS D'OBLIGATION DE SORTIR?
RESTEZ À LA MAISON S.V.P.

#BLEIFTDOHEEM


NO OBLIGATION TO LEAVE?
PLEASE STAY AT HOME

A message from the Luxembourgish Ministry
of Health to stop the spread of Covid-19

HOTLINE:  8002 - 8080

Sante.lu

 LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
Direction de la santé



SMS2CITIZEN!

Enregistréiert w.e.g. Är Handysnummer op www.sms2citizen.lu. Iwwert dëse Service kann d'Gemeng lech wichteg an aktuell Informatiounen via SMS schécken.

Bleift doheem!

Fir d'Ausbreedung vum Coronavirus ze stoppen leet d'Gemeng Mäerzeg nach eng Kéier jidderengem un d'Häerz, d'sozial Kontakter op de strikte Minimum ze begrenzen an doheem ze bleiwen wann et nëmme geet.

RESTAURANTEN → Take away / Liwwerung - BÄCKEREIEN - ÉPICERIES

Restaurants déi een "Take away" oder Liwwerservice ubidden (Mäerzeg an Ëmgéigend)

Let'z Taste It (Mäerzeg), Tél: 26 88 05 40, Whatsapp: 691 591 987, www.letztasteit.lu

Restaurant Beim Abruzzebier (Groussbus), Tél.: 26 88 11 25, www.beimabruzzebier.lu

Restaurant-Pizzeria Le Millénaire (Nidderfeelen), Tél.: 26 81 05 10, www.restaurant-le-millenaire.lu

Restaurant-Pizzeria Am Park (Colmar-Bierg), Tél.: 28 99 26 73

Sites: www.miammiam.lu / www.takeaway.com

Bäckereien - Épiceries (zu Mäerzeg)

Boulangerie-Épicerie Burelbaach, Tél.: 83 82 42

Boulangerie-Pâtisserie Jos & Jean-Marie, Tél.: 88 92 86, www.jjm.lu

Les Épiceries du Luxembourg Mertzig (by Pall-Center), Tél.: 24 84 00 97, www.pallcenter.lu

Station-service GULF avec CACTUS SHOPPI, Tél.: 26 88 25 1, www.gulf.lu

Fir all weider Informatiounen verweise mer op d'Internetsite vun der Regierung (www.gouvernement.lu) a vum Gesondheetsministère (www.sante.lu), oder rufft op der Hotline un: 8002 8080.

Mir soen lech Merci fir Är Hëllef am Interessi vun der Gesondheet an der Sécherheet vun eis alleguerten.

De Schäfferot